CSV Stengefort

Grass •
Hoen •
Klengbetten •
Stengefort •

Mäerz 2008

# Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der Chrëschtlech Sozialer Vollekspartei

## D'Kommissiounen als Berodungsorgan

D'berodend Kommissiounen aus der Gemeng sollen e wichtegt Instrument sinn, well si kéinte folgend Punkten erlaben:

- eng direkt Partizipatioun vun de Bierger,
- eng dynamesch Gemengepolitik,
- dem Gemengerot bei Entscheedungen op fachmännescht Wëssen zeréck ze gräifen.

Fir dat ze erreechen, däerf de Schäfferot awer folgend Punkten net ignoréieren a mir verlaangen dofir als CSV Stengefort:

- ee spezifesche Budgetsposten ze schafe mat deem all Kommissioun hier Aktivitéiten, no Récksprooch mam Schäfferot, finanzéiere kann
- eng systematesch Consultatioun vun de Kommissioune bei Dossieren, déi si direkt betreffen, déi dann och an den Diskussiounen am Gemengerot mat berücksichtegt ginn
- d'Méiglechkeet ze ginn, de Memberen aus de Kommissioune sech weider ze bilden oder Expert/innen an d'Sitzungen ze ruffe wann néideg.

Ausserdeem si mir der Meenung, dass e Member aus dem Schäfferot kee Presidenten(in)amt vun enger berodender Kommissioun däerf unhuelen.

## Opruff un d'Jugend aus der Gemeng Stengefort

**Dir sidd:**

- tëschent 15 an 35 Joer jonk an dir wëllt am Jugendberäich eppes beweegen,
- interesséiert un enger Verbesserung vun der Liewensqualitéit an onser Gemeng,
- motivéiert fir bei sozialpolitesche Themen, déi d'Jugend betreffen, mat ze diskutéieren a wëllt är Iddie verwierklechen,

**da sidd dir bei eis richteg!**

D'CSV Sektioun Stengefort hëlt nach gären nei jonk Memberen op fir spéider eng Jugendsektioun an d'Liewen ze ruffen. Fir weider Informatiounen, rufft w.e.g. beim Fernando RIBEIRO, President vun der Sektioun Stengefort, um Telefonsnummer 691 47 86 57 un oder kontaktéiert eis iwwer eisen Internetsite **www.steinfort.csv.lu**

# De Gemengebudget 2008 oder „quo vadis Stengefort?"

De Gemengebudget ass eent vun de wichtegsten Dokumenter, dat de Leit dobausse soll weisen, wat an der Gemeng geschafft gëtt. An éischter Linn huet d'Gemeng verschidden obligatoresch Aufgaben, wéi Waasserversuergung, Organisatioun vun der Schoul, den Etat civil asw. Aner Aufgaben si fakultativ wéi z.b. Transport, Sport, Kannerversuergen...

De Gemengebudget ass d'Spigelbild vun de Visiounen, de Projeten a vun der geleeschtener Aarbecht vum Schäfferot. De Réckbléck op 2007 ass désastréis a Visiounen huet den LSAP-Schäfferot keng, wat de Budget 2008 beweist.

**E puer Beispiller:**

D'Schwämm vu Stengefort mécht 2008 ronn 575.000 € Defizit. D'Scholde ginn all Joer méi héich. D'Gemengeresponsabel wëssen dëst schonn zënter Joeren. Mir froen ëmmer erëm eng fundamental Diskussioun iwwert d'Schwämm. Dat ass bis haut nach nit geschitt.

Fir 8,7 Mio € gëtt eng „Maison Relais" a véier Klassesäll gebaut an an dësem Präis fehlen nach eng Rei Aarbechte wéi z.B Schoulhaff, Weeër fir bei d'Schoul… Och wann dëst eng néideg Struktur ass, esou geet dëse Budget nit duer, well hei d'Alentoure wéi Schoulhaff, Wee bei Schoul… asw. nach nit chiffréiert sinn!! Als Steierzueler muss ee sech froen, ob et esou ee Präis muss si fir e Niddregenergiehaus, wann ee weess, datt aner Gemengen an der selwechter Bauweis fir vill manner Geld vill méi Klasseraum gebaut kréien.

2008 gëtt e Prêt vu 4 Mio € gemaach fir de Budget auszegläichen. D'Pro-Kapp-Verschëldung klëmmt vun 2007 op 2008 ëm 481,5 % op 1155 € pro Kapp! An d'nächst Joer muss nach e Prêt an der selwechter Gréissenuerdnung gemaach ginn!

Projeten, déi vum LSAP-Schäfferot sollen ëmgesat ginn, endege meeschtens bei der Étude vum Projet. Am Budget 2007 ware ronn 6,6 Mio € „dépenses extraordinaires" fir all Projete geplangt… ët sinn der nëmmen 3,3 Mio € verschafft ginn. Eng ganz Rei vu Projete sinn 2007 an de Budget gesat, vum Gemengerot votéiert, a bis dato nach nit realiséiert ginn.

Als Beispill, wéi Projete verträntelt ginn, steet representativ den Aménagement vum Hoener Kierfecht: Zanter 2004 steet dëst mat 50.000 € am Budget. Enn 2007 ass endlech ugefaange ginn mat der Installatioun vun der Toilette… fir 100.000 € ?! Hei läit kee Vote vum Gemengerot fir en erhéichte Budget vir. Et besteet iwwerhaapt keng Transparenz méi!

All Subventioune fir Haushälter, am Sënn vun enger Klimabündnissgemeng, wéi zb. pompe à chaleur, chaudière à bois, acquisition appareils ménagers si sécherlech eng gutt Saach… leider ass 2007 keen Euro u Leit gefloss… de facto eng ökologesch Makulatur!

Aner wichteg Projeten ewéi „mise en confirmité" vun der Sportshal an dem Centre Roudemer stounge mat 200.000 € am Budget. Hei si bis Enn 2007 nëmme ronn 8.000 € ventiléiert ginn.

Eng ganz Rei vun Étude si gemaach ginn (ascenseur Al Schmelz 50.000 €, étude de faisabilité stati-

(weider op der Säit 4)

ËFFENTLECH KONFERENZ

## „Palliativbetreiung zu Lëtzebuerg"

presentéiert vum **Här Jean-Paul LEHNERS**, Omega 90 a.s.b.l.

**Freideg, de14. Mäerz 2008, ëm 20.15 Auer**

am Parsall Hoen-Klengbetten

## De Gemengebudget 2008 oder „quo vadis Stengefort?"

(Fortsetzung vun der Säit 1)

on de Biométhanisation 20.000 €, étude énergétique 30.000 €) ouni de Gemengerot ze informéieren. Dëst beweist alt nees, dass dësen LSAP-Schäfferot nit un enger transparenter Zesummenaarbecht interesséiert ass a vill léiwer seng eegen Zopp kacht.

De Plan d'aménagement général (PAG) ass zanter 2003 budgetéiert an nach ëmmer stinn 25.000€ am Joer 2008 am Budget. Hei ass ët nit nëmmen d'„longueur administrative" vun der Prozedur schold, hei ass och Villes vum Schäfferot verschleeft ginn…Dëst Instrument gëtt vum LSAP-Schäfferot op d'laang Bänk gedréckt. Wann e weess, datt hei déi ganz Gemengenentwécklungspolitik drun hänkt an de facto also och d'Ausweise vu „zones d'activités" an doduerch erëm den Impôt commercial, dann huet den LSAP-Schäfferot hei vill finanziell Mëttele verträntelt.

**FAZIT:**

Zënter e puer Joer wuessen d'Scholden an der Stengeforter Gemeng méi séier wéi d'Recetten an et gëtt näischt ënnerholl. D'Politik vum LSAP-Schäfferot Stengefort ass planlos. Et gëtt op deene Plaze gepléischtert wou et wéi deet. De Schäfferot deet sech schwéier mat enger konzeptioneller wäitsichteger finanzieller Approche. Absolut néideg Projeten ewéi Maison Relais mutéieren zu finanzielle Mammutprojeten an aner wichteg Investitiounen an der Gemeng Stengefort gi vergiess. Fir d'finanziell Zukunft vun der Gemeng nit ze hypothekéieren, fuerdere mir de Schäfferot op fir Projete kuerzfristeg, mëttelfristeg a laangfristeg ze plangen an ze realiséieren. Ausserdem fuerdere mir de Schäfferot op, dem Gemengerot an Zukunft eng détailléiert Ofrechnung vun deenen eenzelne Projeten ze presentéieren. Dëst ass bis dato nach nie gemaach ginn.

Den LSAP Schäfferot huet nit déi néideg organisatoresch a finanzpolitesch Wäitsiicht a behënnert esou eng generatiounsiwwergräifend Investitiounspolitik an eng gesond finanziell Zukunft vun der Gemeng Stengefort.

## Kreatioun vun engem „Club Senior"

Aus der Schäfferotserklärung vum 14. Dezember 2005 geet ervir, datt d'Gemeng Stengefort d'Schafe vun engem „Club Senior" beabsichtegt. Hei sollen zousätzlech zu der bestehender Offer vun de lokalen Associatiounen interessant Aktivitéiten ugebuede ginn am Beräich Kultur, Soziales, Fräizäit, Sport,… Mir als CSV Stengefort hunn direkt déi Initiativ begréisst, well mir dee Punkt och an eisem Walprogramm haten a fannen, datt esou eng Struktur absolut noutwenneg an eiser Gemeng ass.

D'Wale sinn awer schonns bal dräi Joer hier a vun der Kreatioun vun deem „Club Senior" ass nach kee Wuert gefall. D'Gemengeresponsabel sinn hei gefuerdert fir eng Struktur ze schafen, wou d'Senioren aktiv um Sozialliewen kënnen deelhuelen, hir Ressourcen a Kompetenze gefërdert ginn, eppes Neits léiere kënnen a wou si e „lieu de rencontre" fannen.

Net ze verwiesselen ass de „Club Senior" mat den Aktivitéite vun der Drëttalterskommissioun oder vun de Veräiner aus der Gemeng. E „Club Senior", och genannt „Centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées" versteet sech als eng regional Seniorenakademie. Et ass eng Struktur, déi vu Professioneller geleet gëtt an Aktivitéiten ubidd, déi komplementar sinn zu der bestehender Offer an der Gemeng.

CSV

**A STEINFORT**
**CENTRE ROUDEMER**

les 26 et 27 avril 2008
de 9.00 à 18.00 hrs

**14e Bourse du Collectionneur**

• cartes postales • timbres • télécartes
• monnaies • antiquités • livres • pins
• miniparfums • minéraux • jouets • poupées
• bandes dessinées • opercules de pot de crème
• vêtements pour enfants (second hand) • etc.

• Buffet • Petite restauration
• Cafétéria
• Dimanche : Grillades

## D'CSV-Vertrieder am Gemengerot

**Robert LAMBÉ**
Konselljee
Stengefort

**Tom MATARRESE**
Konselljee
Klengbetten

**Jean-Marie WIRTH**
Konselljee
Hoen

**Georges ZEIMET**
Konselljee
Klengbetten

**Fernando RIBEIRO**
Sektiounspresident
Hoen

**Béatrice FRANCK-HOULLARD**
Sektiounssekretärin
Hoen



imprimerie saint-paul luxembourg